



Marc Angel nach Merci fir seng Rapporten. Merci!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. Da ginn ech dovun aus, dass den Här Henri Kox schwätzt? Jo.

► **M. Henri Kox** (*déi gréng*).- Jo, Merci, Här President. Och Merci dem Rapporteur fir säin ausféierleche Bericht virdrun hei bei der Duerstellung. Och fir säi schrëftleche Rapport wëll ech Merci soen. Ech mengen, d'Virriedner sinn op den Detail agaangen, soudass näischt méi bäizefügen ass. An dofir ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. Dann den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, vläicht och véier Bemierkunge vun eiser Säit, woubäi déi éischt e ganz grouse Merci un den Här Angel ass fir e Rapport, deen en eis jo wéi ëmmer ganz kompetent virgedroen huet.

Dräi Bemierkungen, wat den Inhalt vun dësem Accord ueegt.

Déi éischt ass, mir mussen eis froen, den Här Angel hat dat och gemaach, mir hunn eng ganz Rei vu Klauselen hei, déi eigentlech op de politeschen Dialog, op déi politesche Situatioun am Partnerland ofzilen, theoretesch och ëmgekéiert. Mä mir gesinn, datt déi politesch Situatioun an Armenien ganz schlecht ass! An et muss ee sech dann d'Fro stellen: Ass et dann appropriéiert, ënnert dëse Konditiounen de Rapport oder hei d'Gesetz ganz normal ze ratifizéieren? Wéi gi mer eigentlech ëm mat deem Engagement, dat mer huelen, fir eng Rechtsstaatlechkeet an engem Partnerland hierzestellen oder mat ze stabiliséieren, wa mer gesinn, datt dat net de Fall ass?

Déi zweet Iwwerleeung ass déi iwwert déi ekonomesch Situatioun an iwwert déi schwiereg Relatioun tëschent enger Westbindung hei mat der Europäescher Unioun an enger weiderer ekonomescher Relatioun mat Russland, wéi se och déi armenesch Economie kennzeechent.

Mir haten als Europäesch Unioun ebe genau deeselwechten Dilemma net consideréiert an net respektéiert mat der Ukrain! An et ass ee vun deene Facteure gewiescht, datt mer leider och gehollef hunn, dat Land mat ze zerrappen, dat ass, datt mer déi ekonomesch Ubannung vum Oste vun der Ukrain mat Russland ignoriéiert hunn. Hei muss ech zu menger Zefriddenheet feststellen, datt dat hei anescht gehandhabt gouf. Et war net ënner Drock vu Russland, wéi dat séier behaapt gëtt, mä et ass einfach den ekonomeschen Interessi vun enger ganzer Rei vun deene Republiken, déi fréier an der Sowjetunioun waren, datt se eng ekonomesch Transitioun kënnen fäerdegbréngen, wou e groussen Deel vun hirer Economie nach op Sowjetstandard oder russeschem Standard haut fonctionnéiert an awer probéiert gëtt, och am Weste kënnen Marchéen ze kréien. Dat ass en Dilemma. Hei ass et besser geléist gi wéi an der Ukrain, wou ganz vill Feeler gemaach goufen.

Déi drëtt Bemierkung ass: Wéi gi mer ëm mat besaten Territoiren? Mir hunn där Situatiounen net vill, mä awer eng ganz Partie trotzdem op der Welt. Déi Fro vun Nagorny-Karabach ass eng vun deenen. Den Här Angel huet och déi ugeschwat. Mir hate se an der Kommissioun diskutéiert. Mä mir mussen insistéieren als ADR, datt mer awer gär eng Linn doranner hätten, eng Kredibilitéit vun der Europäescher Unioun, datt mer net bei enger Situatioun vu besatenen Territoiren oder onklorer territorialer Rechtszoustännegkeet anescht handele wéi an engem anere Fall.

Mir haten elo zum Beispill nach rezent... Mir hunn där Fäll e puer, ech wëll se net all opzelen, mä hei den Nagorny-Karabach. Mir hunn de Westsahara zum Beispill. A mir haten nach viru ganz kuerzem eng Situatioun, wou de Peuple sahraoui protestéiert huet géint eng Handlung vum Conseil vun der Europäescher Unioun, well den Europäesche Geriichtshaff - ech mengen 2016, ech hat mer dat och opgeschriwwen - festgestallt hat, datt déi lokal Autoritéiten am Sahara occidental misste gefrot ginn, wann et ëm d'Handelsrelatiounen mat der Europäescher Unioun geet. An de Conseil huet awer elo mat Marokko Dispositiounen geholl, wou dat net respektéiert gouf.

Et ass fir eis als ADR wichteg, datt mer eis kohärent sinn, wa mer vum internationale Recht a vum Ëmgang mat Territoirë mat onsécherem Rechtsstatus schwätzen oder déi an enger Okkupatioun sinn, datt mer eis do net an engem

Widdersproch verfänken. Datselwecht gëllt selbstverständlech och fir Nordzypern, wat zënter 1974 besat ass a wou d'Tierkei bis haut déi Obligatiounen an der Union douanière net ëmgasat huet, déi e Memberstat vun der Europäescher Unioun betreffen. Och hei ass eng Inkohärenz. Eis Regierung probéiert nach ëmmer, Baitrëtsverhandlung mat engem Stat ze féieren zur Europäescher Unioun, deen d'europäesch Recht flagrant verletzt. Dat ass fir eis och net akzeptabel.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci och. Dann huet d'Wuert den Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Ech wëllt och awer nach e puer Remarque maachen zu deem heiten Accord, well ech mengen, datt et schonn duerchaus wichteg ass, och den historesche Verlaf nach eng Kéier ervirzeruffen.

Et ass esou, datt d'Europäesch Kommissioun am Ufank vun den 2010er Joren eng Liberaliséierungsoffensiv gestart huet géint déi ëstlech Länner, notamment d'Ukrain, Armenien a Moldawien. An der Ukrain wësse mer, zu wat et gefouert huet. Et war ënnert der ultraliberaler, konservativer Barroso-Regierung (veuillez lire: Barroso-Kommissioun), wou eigentlech d'Ukrain just de Choix hat: Entweder, mir kommen an de Giron vun der EU, vun der europäescher Aflosssphär, oder mer bleiwe bei Russland.

Armenien hat zu deem Zäitpunkt schonn déi armen Negociatiounen ofgebrach, och well hir ekonomesch Dependence vu Russland wesentlech méi grouss ass, wéi dat bei der Ukrain de Fall war. Et muss een der Kommissioun loossen, der neier Juncker-Kommissioun loossen, datt et hire Verdéngscht ass, datt eng nei Zort Accord fonnt ginn ass, déi net op der Exklusivitéit berout huet, wéi dat nach ursprënglech ugeduecht war ënnert dem Barroso, mä datt et duerchaus méiglech ass, datt Armenien weiderhi Member vun der Zollunioun mat Russland bleift a gläichzäiteg awer ka verdéiften ekonomesch Relatiounen mat Europa hunn.

Et wonnert lech net, datt ech awer soe muss, datt et weiderhin e Liberalisatiounsaccord ass, deen zimlech wäitreechend ass, deen iwwert dat erausgeet, wat am Moment d'Regele vun der OMC sinn, dat heescht, wou och erëm eng Kéier net déi multilateral Approche gewielt ginn ass, mä déi bilateral. Et geet ëm Liberaliséierung a Beräicher vu Services a Marché-publiken, Propriété intellectuelle, Nidderloosungsrecht an natierlech och Konkurrenzrecht.

An dat, wat mech awer wierklech erstaunt un dësem Projet, ass eigentlech seng Prozedur! Näämlech, et ass üüblech, datt mer esou Accorden hei an der Chamber presentéiert kréien an an der Regel ass da schonn den Accord gi vum Europaparlament. Hei ass dat net de Fall.

D'Europaparlament soll eréischt de 4. Juli iwwert dësen Accord ofstëmmen, wat wierklech eng erstaunlech Prozedur ass, datt mir als Lëtzebuergesch Chamber dat hei virzéien. Et si bis elo zwee aner, just zwee aner EU-Statën, déi dat gemaach hunn. Dat sinn zwee vun deenen dräi baltesche Statën, déi den Accord duerch hir jeeweilge Chamber bruecht hunn.

Firwat Lëtzebuerg elo ausgerechent dat drëtt soll sinn, virum Vott am Europaparlament, dat géif mech awer nawell interesséieren, well dat jo awer e bëssen den dréngleche Charakter ënnersträicht oder d'Importenz ënnersträicht, déi Lëtzebuerg dësem Ganze gëtt an deen awer net direkt ersiichtlech ass.

Här Angel, wëllt Dir mir eng Fro stellen?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Här Angel?

► **M. Marc Angel** (*LSAP*), *rapporteur.*- Ech wollt lech ausschwatze loossen an lech herno eppes soen.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Okay. Also et ass eng Fro. Wann Der d'Äntwert hutt, kënnst Der mer se gär ginn, also da sinn ech net méi wéi frou doriwwer, wann Der mer se herno gitt.

Et ass awer natierlech keen Accord, deen esou wäit geet wéi den Accord CETA respektiv dee mat Japan. Et bleiwen Zëll bestoen. D'Investisementer sinn erausgeholl aus deenen heiten Accorden. Dat muss een natierlech och betounen an deem Ganzen.

Wat eis awer positiv stëmmt bei dësem Accord, ass eben dat, wat ech ugangs gesot hunn, datt et wierklech kann als zum Deel, jo, diplomatesche Succès duergestallt ginn an eng nei Approche un d'ekonomesch Relatiounen mat den Nopeschlänner vun der Europäescher Unioun, datt et eben net „take it or leave it“ ass, mä datt et Armenien erméiglecht, souwuel méi staark ekonomesch Relatiounen mat Russland ze hunn an awer gläichzäiteg och mat der Europäescher Unioun.

An dat, wat och verhënnert, datt mer géint dësen Accord stëmmen, ass, datt mer awer och gesinn hunn, wat erreecht ginn ass duerch dës Negociatiounen, och am Parlament, doduerjer, datt zum Beispill d'Violence domestique duerch deen Accord mat der EU elo am armenesche Parlament verbuede ginn ass, wou ee mierkt, datt et e gesellschaftleche Fortschritt bedeit, wat och dozou féiert, datt mer net géint dësen Accord stëmme wäerten, mä eis just enthalen. Merci!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci och. Den Här Angel.

► **M. Marc Angel** (*LSAP*), *rapporteur.*- Den Här Baum huet ganz recht, wann e seet, d'Europaparlament hätt dat nach net gestëmmt. Dat hunn ech och a mengem schrëftleche Rapport esou festgehalen. Et sinn natierlech, dat huet en och zu Recht gesot, zwee aner Länner, déi et scho gestëmmt hunn. Ech kann den Här Baum awer rassuréieren, dass ech ëmmer sui-véieren, wat an der zoustänneger Kommissioun am Europaparlament geschitt. Dat ass et d'INTA-Kommissioun an dësem Fall, déi fir den internationalen Handel zoustänneg ass. An do waren all déi Diskussiounen zu dësem Projet an och de Rapport positiv ugehall ginn, soudass ech mer keng Suerge maachen, fir dass dee Projet d'nächst Woch am Europaparlament gestëmmt gëtt.

Mä fir dass en en vigueur ass, muss en am Europaparlament gestëmmt ginn an an allen nationale Parlamenten. Mir waren hei ënner Zäitdruck. Ech versichen, d'Projeten esou séier wéi se kommen ofgeschléissen, dass mer eis Aarbecht hei kënnen uerdentlech maachen. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. Domat ass d'allgemeng Diskussioun ofgeschloss. Den Här Sozialminister a Vertriebung vum Ausseminister huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, en remplacement de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Jo, Merci bien, Här President. Ech schwätzen effektiv a Vertriebung vum Ausseminister, deen eng aner Obligatioun huet, dee mech och gebieden huet, am Numm vun der Regierung effektiv hei éischts emol dem Rapporteur Merci ze soe fir säi schrëftlechen an och säi mëndleche Rapport, op där anerer Säit virun allem och der Kommissioun, déi, mengen ech, duerch dëse Gesetzesprojet relativ züeg gaangen ass mat effektiv och enger grousser Zoustëmmung, wéi och de Mëtteg hei vun deenen eenzelne Fraktiounen ernimmt.

Ech mengen, déi aacht Titren, wann een eng Kéier duerch dësen Accord geet, weisen kloer de Renforcement vum Accord, deen de Moment jo scho besteet, souwuel wirtschaftlech wéi derniewent och am Beräich vum kommerzielle Volet. Mä e weist awer och dorop hin, datt dee ganze politesche Volet och an dësem Accord staark ausgepräägt ass. Ech mengen, datt den Dialogue politique grad an Armenien, virun allem och mat dem Konfliktgebitt am Haut-Karabagh, ee ganz wichtege ass, deen och viru muss gefouert ginn. An dëse muss virun allem och gefouert ginn iwwert d'OSZE, wéi elo schonn hei ugedeit ginn ass a wat - wéi ech och géif mengen - déi richteg Positioun ass, fir effektiv hei eng Léisung ze fannen.

Bon, an deem Sënn, mengen ech, kann ech nëmme begrëissen, datt mer dësen Accord de Mëtteg kënnen ofschléissen. Ech begrëissen natierlech och, wéi gesot gouf hei vu verschiddene Riedner, datt een och, wat d'Relatiounen betrëfft, déi net nëmme mam Westen ausbaut, mä och déi mam Orient net brauch opzeginn, soudatt Armenien effektiv och béidsäiteg ka seng Relatiounen virupoursuivéieren.

An deem Sënn Merci der Kommissioun, Merci och fir déi breet Zoustëmmung zu dësem Projet de loi!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. Da kënnen mer direkt zur Ofstëmmung...

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Här President!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Ah jo, Här Baum!

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Parole après ministre.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Selbstverständlech.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Ech soen och dem Här Rapporteur an dem Här Minister Merci fir d'Explikatiounen. Ech hu just op meng Fro net geäntwert kritt, wat d'Ursaach ass, firwat mer de Vott hei an der Chamber virzéie virum Vott am Europaparlament. Datt d'Prozeduren agehale ginn, do sinn ech komplett mat lech averstanen, mä et ass awer eng onüüblech Prozedur. A mech géif einfach de Grond interesséieren, firwat dat esou ass. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Den Här Angel als Rapporteur huet d'Wuert.

► **M. Marc Angel** (*LSAP*), *rapporteur.*- Ech mengen, dat war einfach eng Kalennersaach. Wa mer elo net am leschte Mount vun der Legislaturperiod gewiescht wäeren, hätt ee kënnen waarden. Mä mir hunn esou vill Projeten, déi nach kommen. Ech mengen, et ass erlaabt, et ze maachen, et ass net Usus. Mir maachen et normalerweis net. A wann ech nach eng Kéier d'Responsabilitéit géif kréien, déi Kommissioun ze presidéieren, géif ech och derfir suergen, dass dat net de Fall wier. Mä et war éischter eng Kalennersaach. Et ass elo net schlechte Wëlle gewiescht. Voilà!

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Et hätt ee kënnen en aneren Datum eraussichen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. Da géife mer zum Vott iwwert de Projet de loi 7260 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7260 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

58-mol Jo, 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet de loi 7260 ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (M. Laurent Mosar), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

3. 7252A - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif (suite)

Sou wéi mer dat gëschter decidéiert haten, géife mer elo zum Vott iwwert déi zwee Projeten iwwergoen, wou mer gëschter Owend net méi ofgestëmmt hunn. Fir d'Éischt de Projet 7252A.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7252A et dispense du second vote constitutionnel

Ech géif d'Ofstëmmung lancéieren. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

60-mol Jo. De Projet de loi 7252A ass mat Unanimitéit ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marcel Oberweis), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;



MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze froen?

(Assentiment)

Merci. Da maache mer dat esou.

4. 7256 - Projet de loi portant modification de la loi du 8 mars 2017 sur la nationalité luxembourgeoise (suite)

A mir ginn zu deem zweete Projet iwwer, wou mer och nach net ofgestëmmt haten. Dat ass de Projet 7256, déi kleng Ännerung iwwert d'Gesetz zur Lëtzebuurger Nationalitéit.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7256 et dispense du second vote constitutionnel

An ech géif dann d'Ofstëmmung ufänken. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

57-mol Jo, 3-mol Neen. Domat ass de Projet de loi 7256 ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marcel Oberweis), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Och hei stellt sech d'Fro vun der Dispens. Sidd Der d'accord, fir déi unzefroen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen dann zur Diskussioun vum nächste Projet de loi iwwergoen: de Projet de loi 7261, en Accord tëschent den EU-Staten an Australien. An de Rapporteur, den Här Marc Angel, ass scho prett.

5. 7261 - Projet de loi portant approbation de l'Accord-cadre entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et l'Australie, d'autre part, fait à Manille, le 7 août 2017

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel** (LSAP), rapporteur.- Jo, Merci, Här President. Mir ginn elo nach méi wäit wéi de Kaukasus virdrun. Mir gi carrement an de Pazifik, mir ginn an Australien, e Land oder e Kontinent souguer mat 23 Milliounen Awunner, 7,692 Milliounen km². Wann ech richtig rechnen kann, ass dat méi wéi 3.000-mol méi grouss wéi eist klengt Ländchen.

Australien an d'Europäesch Unioun, dat sinn och enk Partner, trotz där Distanz vu 24 Fluchstonden. An dat kënnt eben duerch déi historesch, déi kulturell, déi ekonomesch an awer och déi politesch Lienen. Dat ass d'Ursach vun där enger Partnerschaft.

Australien ass genau wéi d'Europäesch Unioun e grousser Verteideger um internationale Plang vun Demokratie, vun der Rechtsstaatlechkeet, vun de Mënscherechter. Et sinn zwee aktiv Akteuren um multilaterale Plang. An ech mengen, Lëtzebuerg an Australien ware jo och zesummen 2013 bis 2015 am UNO-Welt-sécherheetsrot, wou mer zesummen eis agesat

hu géint Terrorismus an och géint Massevernichtungswaffen. Mir an Australien sinn also a ganz ville Punkten „like-minded“, wéi een dat esou schéin nennt, d'Europäesch Unioun, awer och Lëtzebuerg.

1997 kouw et zu dem éischte formaliséierte Partenariat tëschent der Unioun an Australien. An 2003 gouf dat duerch e Programme de coopération ergänzt. 2008 krut dat Ganz, déi ganz Relatioun, eng nei Dynamik duerch en neie Partenariat an doduerch kouw et och all Joers zu enger Réunion ministérielle am Kader vum Dialog UE-Asie-Pacifique.

D'Europäesch Unioun ass den drëtten Handelspartner vun Australien, direkt hanner China a Japan. An et ass den éischte Partner, wat d'Investitiounen ugeet, direkt hannert den USA a Südkorea.

Wat d'Relatioun mat Lëtzebuerg ubelaangt, wéilt ech och nach drun erënneren, dass mer säit 2016 souwuel mat Australien wéi och mat Neuseeland déi sougenannten „Accords programme vacances-travail“ an d'Liewe geruff hunn. Et ass also e Visa, e System, deen et erlaabt, dass honnert Jonker aus Australien oder aus Lëtzebuerg kënnen e Joer am jeeeweilege Partnerland sinn, wa se tëschent 18 an 30 Joer al sinn. Klammer zou, ech kommen zrëck bei dësen Accord.

Den Oktober 2011 huet de Conseil decidéiert, dass d'Europäesch Kommissioun dësen Accord-cadre ausschaffe sollt, fir eben deem Accord de partenariat vun 2008 en Enn ze setzen. D'Europaparlament huet dësem Accord de 26. Mäerz 2018 säin Accord ginn; elo si mer erëm an eise traditionelle Wee, wéi mer hei schaffen. Den Objet vun dësem Accord ass eben eng Basis, fir dass d'Relatiounen tëschent deenen zwee Partner weidergedriwwen kënnen ginn.

Duerch dësen Accord verflachte sech och Australien an d'Europäesch Unioun, um internationale Plang méi enk zesummenzeschaffen. Besonnesch sief ervirgestrach, an dat ass och an der Kommissioun gesot ginn, wéi de Projet presentéiert ginn ass, an ech mengen, dat freet de Kooperationsminister, dass an de Voleten Entwécklungszesummenaarbecht an humanitärer Hëllef och vill méi eng enk Zesummenaarbecht kënnt tëschent der EU an Australien an dass och Froe vu Klimaschutz an Ëmweltfroen an de Vierdergrond gestallt solle ginn.

An ech mengen, déi Decisioun huet schonn hir éischt Friichte gedroen, well mir wëssen, dass deen heiten Accord, dee mer haut ofstëmmen, net vu laanger Dauer wäert sinn, well schonn en neien Accord, e Fräihandelsaccord an der Verhandlung ass. An do ass scho festgehalleginn, well jo d'Mandat publizéiert ginn ass a well och de Minister eis jo schonn an der Kommissioun driwwer informéiert huet, dass bei deem neien Accord den Accord de Paris eng Clause essentielle gëtt, dat heescht, wann eng vun de Parteie geif do erausklammen, da wär dee ganzen Accord null.

Den Accord vun haut, dee beinhalt zéng Titelen. Dat geet vun den Dispositions générales, wou d'Mënscherechter an d'bonne Gouvernance ernimmt sinn, entre autres iwwert den Dialogue politique, wou et weider ëm de Kampf géint d'Proliferatioun vu Waffe geet, de Kampf géint den Terrorismus, déi international Sécherheet, awer och Froe vu Cyberspace ginn ugeschwat. Am Titre 3 geet et ëm e wirtschaftlech nohaltege Wuesstum, d'Reduktioun vun der Aarmut. Am Titre 4 geet et ëm d'Zesummenaarbecht um ekonomeschen an d'handelspolitesche Plang. Justizkooperatioun ass den Titre 5.

Awer och ganz wichteg an dësem Accord sinn déi vill Artikelen, wou et ëm Fuerschung an Innovatioun geet. Titre 7: Educatioun a Formatioun a Jugend a Kultur. Am Titre 8 geet et ëm den Développement durable, de Changement climatique, deen ech schonn ugeschwat hunn. An da gëtt et och nach en Titre, deen, wéi an all deenen Accorden, den institutionelle Kader definéiert. An hei gëtt et dann e Comité mixte.

An och hei, wéi an deem Accord iwwregens virdrun, kann een ëmmer um Internet nokucken, wat an deene Comitéen diskutéiert gëtt, wat d'Ordre-du-jour sinn a wat do vun Decisiounen geholl gëtt.

De Conseil d'État huet säin Avis, e ganz positiven Avis ginn. En hat guer keng Observatioun ze maachen. Dofir wëll ech haut hei och den Accord vun der LSAP ginn, sachant, dass déi nächst Chamber, wéi gesot, muss um Accord de libre-échange tëschent Australien an der Unioun schaffen. A mir wëssen, dass dat Accorde sinn, wou sech eis Société civile vill Suerge mécht, dass dat Accorde sinn, wou d'Biergerinnen an d'Bierger sech vill Suerge maachen, dass dat Accorde sinn, déi mer müssen, wéi mer dat an der Vergaangenheet gemaach hunn, als Chamber ganz no verfolgeginn.

A wéi gesot, wann ech d'Chance kréien, nach eng Keier derbäi ze sinn, wäert ech mech och derfir asetzen, dass mer deen nächsten Accord mat Australien hei an der Chamber ganz gutt analyséiere wäerten.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschtenen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Den Här Mosar huet d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Merci och hei dem Här Rapporteur Angel fir seng ganz gutt Rapporten. Ech mengen, en huet alles gesot. En huet och nach eng Keier d'Wichtigkeet vun deem Accord do ënnerstrach, deen och fir eis eigentlech Virbildcharakter huet fir aner Accorden, déi och an Zukunft wäerten ofgeschloss ginn.

Et ass hei en handelspolitesche Volet, et ass e wirtschaftspolitesche Volet, et ass och en nohaltegeektespolitesche Volet. An ech mengen, et ass och e ganz grouss wichtige Schrëtt a Richtung vun engem Fräihandelsaccord, deen, dat huet de Rapporteur och ënnerstrach, mengen ech, dee mer eis alleguerten natierlech wënschen, deen och net wäert esou einfach ginn. Ech deelen do dem Rapporteur seng Suerge. Nach, mengen ech, ass e vu grousser Wichtigkeet. Duerfir wäerte mir och dësem Accord eis Zoustëmmung ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dann huet den Här Berger d'Wuert.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Jo, Merci, Här President. Australien läit, wéi de Rapporteur gesot huet, deem ech och wëll direkt Merci soe fir säi gudden schrëftlechen a mëndlechen Rapport, op där anerer Säit vun der Welt. Fir vill vun eis ass et en Dram oder am beschte Fall eng Vakanzendestinatioun. Et ass awer e wichtigen ekonomeschen a politeschen Akteur, net nëmmen am Pazifik, mä doriwwer eraus. A se sinn och net nei, d'Relatioun mat der Europäescher Unioun an och eenzel Aspekter, déi Lëtzebuerg mat deem Kontinent, mat deem Land huet, ënner anerem och, et ass schonn drop higewise gi vum Rapporteur, déi Méiglechkeet, datt och Lëtzebuurger Studente kënnen do säit Kuerzem e spezielle Visa kréien, fir ze schaffen.

Ech mengen, et ass och wichteg an Zäiten, wou mer mat anere Kontinenter oder grouss Natiounen de Moment vläicht e bësse méi Schwierigkeeten an de Relatiounen hunn, datt mer awer duerfir mat anere Kontinenter an Natiounen da kucken, déi beschméiglech Relatiounen ze hunn. An deen Accord hei, dat ass d'Basis eben, fir déi Relatiounen, déi mer schonn hunn, nach auszubauen. Ech ginn net méi op all d'Elementer an, vläicht just een, zwee och nach eng Keier erausgepickt.

Ech mengen, déi Elementer vu Mënscherechter, Klimaschutz, Nohaltegekeet an awer och zum Beispill de Kampf géint den internationalen Terrorismus a Kriminalitéit sinn och wichteg. Dat gesot, géif ech awer den Accord och hei vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Madamm Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Här President.

(Hilarité)

Ech sinn do, voilà. Also, wéi gesot, och mir soen dem Rapporteur Merci fir säi schrëftlechen an och fir säi mëndlechen Rapport a mir gi selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Villmools Merci, Här President. Och vun eis aus nach eng Keier e grouss Merci un den Här Angel. D'ADR dréit och dësen Accord mat. Et ass awer vläicht ze ënnersträichen, datt mer jo och alleguer wëssen, datt déi ekonomesch Diplomatie ëmmer méi wichteg gëtt. An ech wëll just ënnersträichen, datt zu Canberra all Europäesch-Unioun-Memberstaten eng Ambassade hunn, bis op Lëtzebuerg! Also Malta ass vertrueden, Zypern, Estland, Lettland, Litauen an anerer, déi méi kleng sinn. Just Lëtzebuerg ass nach net do vertrueden.

(Brouhaha)

Also, wien och ëmmer - wien och ëmmer -, Här President, mat eis an déi nächst Regierung geet, mengen ech,...

(Hilarité)

...sollte mer higoen an och zu Canberra un eis Vertriedung denken. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Baum huet d'Wuert.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Jo, Rebelote, Här President. Mir hate virun e puer Wochen

de Partnerschaftsofkommes mat Neuseeland hei an der Chamber. An eigentlech kéint een datselwecht zu deem Accord soe wéi zu deem Accord mat Australien hei. Mir hu géint dësen Accord näischt. D'ailleurs sinn ech elo grad gewuer ginn, datt ee kee Partnerschaftsaccord brauch, fir e Partner an Australien ze hunn. Mä dëst gesot, natierlech deen Accord selwer ass ganz gutt, ass ganz fortschrëttlech. Mä mir wëssen awer, op wat en erausleeft, den Här Rapporteur huet et och selwer gesot: e Fräihandelsaccord.

A mir zweifelen dorun, datt et wierklech esou e Virbild gëtt fir Accorden, wéi den Här Mosar dat virdru gesot huet. Mir fäerten éischter, datt et en Nobild gëtt, well mer kennen Inhalter vun Accorde mat Kanada a Japan, déi eis awer ganz bedenklech erschéngen an och ganz vill Froen oploossen. An duerfir wäerte mer eis äänlech wéi bei Neuseeland bei dësem Accord enthalten. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun. An d'Wuert huet wéi virdrun, a Vertriedung vum Ausseminister, de Sozialminister, den Här Romain Schneider.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, en remplacement de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Jo, Merci, Här President. Merci och nach eng Keier dem Rapporteur fir säi Rapport, awer och der Kommissioun an de Fraktiounen fir dës grouss Support bei dësem Accord mat Australien, deen hei Lëtzebuerg als Member vun der Europäescher Unioun, mengen ech, nach méi enk un Australien liiert an déi international Zesummenaarbecht nach méi stäerkt.

Ech mengen, Dir wësst, datt Australien e staarke Partner vu Lëtzebuerg ass op der UNO respektiv an aneren internationalen Institutiounen. An ech mengen, grad dat heite weist och, datt mer hei e staarkt Bündnis hu mat Australien, fir eben och wat déi bilateral ekonomesch Bezéiungen ugeet, awer och demniewent, an de Rapporteur huet zu Recht gesot, och virun ze kucken, datt mer virun allem am Beräich vun der Entwécklungshëllef nei Pisten opgemaach kréien, fir zesummenzeschaffen op der ganzer Welt, och do am Partenariat, am bilaterale Partenariat, fir och do Aktiounen a Projeten zesummen unzegoen.

Et gesäit een och, datt grad an dësem Kader och d'Ennerschrëft, déi den Ausseminister gemaach huet de 27. September 2016 zu Canberra iwwer eben, och schonn hei ugeschwat, déi Méiglechkeet vum „Work and Holiday visa arrangement“ fir honnert Jonker tëschent 18 an 30 Joer, fir eben ee Joer an e Land ze goen, fir effektiv do Experienzen ze maachen, enger-säits fir d'Land kennenzelëieren, op där anerer Säit fir ze schaffen, datt dat dee richtige Wee ass. An ech mengen, et ass och dat, op Basis vun deem gudden Relatiounen tëschent zwee Länner kënnen entsoen. Dofir ass dësen Accord och wierklech breet gesinn e flotte Succès an erméiglecht eis nei Méiglechkeeten an dësem Beräich. Merci bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7261 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7261 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

58-mol Jo, 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet de loi 7261 ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;